N° 4288
Entrée le 24.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister, d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Artikelen aus dem Wort vum 16. Mäerz mam Titel „Siebenjähriger wird nach Nadelstich mit Anti-HIV-Mittel behandelt", an aus dem Tageblatt vum 17. Mäerz mam Titel „Et huet een de Latz" weisen, datt och an der Minettsmetropol Esch d'Bierger ëmmer méi ënnert der wuessender Drogeproblematik leiden:

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1) Kann d'Regierung preziséieren, wat fir Gemengen am Land – a wat fir Quartieren an deene Gemengen – eng aktiv Drogenzeen hunn an ënnert der Drogeproblematik leiden. Huet sech dëse Profil an de lëschte fënnef Joer geännert?
2) Ass d'Beschafungskriminalitéit e méi generelle Problem vum ganze Land oder korreléiert si staark mat der Reduzéierung vun der Liewensqualitéit duerch déi negativ Aspekter vum Drogekonsum an der Ëffentlechkeet, wéi Aggressiounen, Vandalismus, ëffentlecht Urinéieren, Randaléieren, Knascht a benotzte Sprëtzen.
3) Ginn et Ënnerscheeder tëschent de Gemengen, wéi si mat der Drogeproblematik ëmginn oder sinn hir Aktiounen an den Zougang zu Ressourcen duerch en nationalen Aktiounsplang gläich?
4) D'Drogeproblematik bréngt sanitär Gefore mat sech, wéi de Fall an der Dellhéicht-Schoul zu Esch gewisen huet, wou e klengt Kand sech mat enger Piqûre verletzt hat. Wat kéint d'Regierung maachen, fir Kanner virun esou Situatiounen ze schützen? Ass et strofbar, fir eng Sprëtz net ze entsuergen? Kann een dofir wéinst Kierperverletzung ugeklot ginn?
5) Gi vun enger drogéierter Persoun och aner sanitär Geforen aus? Zum Beispill duerch d'Upake vun de selwechte Surfacen, wéi eng Dier oder d'Staang am Tram?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig

Deputéierten

**Gemeinsam Antwërt vum Här Inneminister, Léon Gloden, vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro N° 4288 vum 22. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet “Problèmes liés à la consommation de drogues”.**

1. **Kann d’Regierung preziséieren, wat fir Gemengen am Land - a wat fir Quartieren an deene Gemengen - eng aktiv Drogenzeen hunn an ënnert der Drogeproblematik leiden. Huet sech dëse Profil an de lëschte fënnef Joer geännert?**

Opgrond vun de polizeilechen Erkenntnesser ka festgehale ginn, datt et zu Lëtzebuerg Gemengen an Uertschafte gëtt, an deenen eng aktiv Drogenzeen am Beräich vum Drogenhandel zënter Jore méi ausgepräägt a méi konstant festgestallt gëtt wéi an aneren. Dëst betrëfft virun allem d'Stad Lëtzebuerg, besonnesch d'Gare an déi ugrenzend Quartieren, souwéi Esch-Uelzecht. Et ass awer gläichzäiteg festzestellen, datt sech eng aktiv Zeen vum Drogenhandel an de leschte Jore weiderentwéckelt huet an net ausschliisslech op eenzel fix Standuerter limitéiert.

2. **Ass d’Beschafungskriminalitéit e méi generelle Problem vum ganze Land oder korreléiert si staark mat der Reduzéierung vun der Liewensqualitéit duerch déi negativ Aspekter vum Drogekonsum an der Ëffentlechkeet, wéi Aggressiounen, Vandalismus, ëffentlecht Urinéieren, Randaléieren, Knascht a benotzte Sprëtzen.**

Et ass net kloer erauszeliese, wat den honorabelen Deputéierten konkret well wëssen.

3. **Ginn et Ënnerscheeder tëschent de Gemengen, wéi si mat der Drogeproblematik ëmginn oder sinn hir Aktiounen an den Zougang zu Ressourcen duerch en nationalen Aktiounsplang gläich?**

D'Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit ass eng national Missioun vun der Police grand-ducale an orientéiert sech un enger national ofgestëmmter Strategie. Et gëtt deemno keng ënnerschiddlech polizeilech Approche jee no Gemeng.

D'Police grand-ducale passt hir operationell Asätz permanent un d'aktuell Kriminalitéitslag un. Op Basis vu reegelméissegen Analysen, Informatiounen an Erkenntnisser iwwert den Drogentrafic zu Lëtzebuerg, besonnesch wat déi geographesch Verdeelung ugeet, ginn d'Ressourcen geziilt do agesat, wou de gréisste Besoin besteet.

Zousätzlech fënnt am Kader vum nationalen Drogendësch 2.0 e reegelméissegen Austausch tëscht de concernéierten Acteure statt. Dobäi ginn déi aktuell Entwécklungen analyséiert, Informatioune gedeelt an déi jeeweileg Mesurë koordinéiert. Dës Erkenntnisser droen dozou bäi, d'Policeasätz an d'Ressourceverdeelung un déi aktuell Situatioun unzepassen.

4. **D’Drogeproblematik bréngt sanitär Gefore mat sech, wéi de Fall an der Dellhéicht-Schoul zu Esch gewisen huet, wou e klengt Kand sech mat enger Piqûre verletzt hat. Wat kéint d’Regierung**

**maachen, fir Kanner virun esou Situatiounen ze schützen? Ass et strofbar, fir eng Sprëtz net ze entsuergen? Kann een dofir wéinst Kierperverletzung ugeklot ginn?**

Laut dem geännerte Gesetz vum 21 Mäerz 2012 (*loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets*), ass et verbueden Offäll illegal ze entsuergen oder ofzelageren.

Jo, et kann een wéinst Kierperverletzung ugeklot ginn, an zwar nom Artikel 392 et suiv. (*coups et blessures volontaires*) oder nom Artikel 418 et suiv. (*coups et blessures involontaires*).

Nieft de sanitäre Moossnamen, déi an der Fro 4 erwäänt ginn, kënne Mesuren ewéi de Platzverweis dozou bäidroen, Kanner an aner Léit géint esou Situatiounen ze schützen.

5. **Gi vun enger drogéierter Persoun och aner sanitär Geforen aus? Zum Beispill duerch d'Upake vun de selwechte Surfacen, wéi eng Dier oder d'Staang am Tram?**

<u>**Zesummefaassung**</u>

D'Infektiounsrisiken, déi speziell mam Drogekonsum zesummenhänken, betreffen haaptsächlech Viren, déi iwwer d'Blutt iwwerdroe ginn, esou wéi HIV an Hepatitis C. Aner Infektiounen, déi virkomme kënne, ënnerscheeden sech net vun deenen, déi an der Allgemengbevëlkerung observéiert ginn, a si ginn op déi selwecht Aart a Weis iwwerdroen.

Laut de wichtegste Gesondheetsautoritéiten, dorënner d'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO), den European Centre for Disease Prevention and Control (ECDC) an d'Centers for Disease Control and Prevention (CDC) stellt d'Injektioun vun Drogen e Risikofaktor fir d'Iwwerdroung vun HIV an Hepatitis C duer. Allerdéngs gi weder HIV nach Hepatitis C duerch déi üblech sozial Kontakter am Alldag iwwerdroen. D'Iwwerdroung geschitt virun allem no engem Kontakt mat infizéiertem Blutt an, am Fall vun HIV, och duerch verschidde spezifesch aner Kierperflëssegkeeten, besonnesch d'Spermien, vaginal a rektal Sekreter souwéi Mammemëllech.

Accidenter mat Blutkontakt, wéi zum Beispill ë Stéch duerch ewechgehäit Nolen, si rar, awer reell Situatiounen, déi berechtegt Suerge kënne verursaachen. Et handelt sech dobäi awer ëm speziell Ëmstänn, déi eng ugepasste medezinesch Evaluatioun erfuerderen.

Donieft kënne verschidde méi heefeg Infektiounen ënner Drogekonsumente méi dacks observéiert ginn. Hiert Optrieden an hir Iwwerdroungsweeër sinn awer net spezifesch fir dës Bevëlkerungsgrupp a si vergläichbar mat deenen, déi an der Allgemengbevëlkerung festgestallt ginn.

Et ass och wichteg drun z'erënneren, datt Lëtzebuerg iwwer strukturéiert Präventiouns- a Schuedensreduktiounspolitiken verfüügt, déi fir Persounen ëmgesat ginn, déi Droge mat héijem Risiko konsuméieren. Dës Offer bitt net nëmmen eng passend Äntwert op d'Erausfuerderunge vun der ëffentlecher Gesondheet, mee ass och e wichtegt Instrument fir d'Preventioun vun Infektiounen an dëser Bevëlkerungsgrupp. Doduerch droen si och zum Schutz vun der gesamter Bevëlkerung bäi.

**Definitioun vun de Benotzergruppen**

An der europäescher Fachliteratur ginn Drogenkonsumenten an zwou Kategorien agedeelt: Persoune mat héijem Risiko, déi sech duerch e reegelméissege Konsum auszeechnen, dee mat gesondheetlechen oder soziale Schied verbonne ka sinn, besonnesch Persoune mat enger Ofhängegkeet an déi, déi Drogen injizéieren; a Persoune mat geréngem Risiko, deenen hire Konsum geleeëntlech bleift an net mat Verhalensweisen, déi en héije Risiko duerstellen, verbonnen ass.

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Zuel vun den Drogekonsumente mat héijem Risiko op ongeféier 2.100 bis 2.700 Persoune geschat. Dorënner befënnt sech eng méi kleng Grupp vu Persounen, déi op Drogeninjektioun zeréckgräifen.

Et soll präziséiert ginn, datt de Risiko vun der Iwwerdroung vun Infektiounen haaptsächlech mat bestëmmte Verhalensweisen zesummenhänkt, wéi zum Beispill dem Deele vun Injektiounsmaterial, an net eleng mam Ëmstand, Drogen ze konsuméieren. Ënnert dëse Konditioune weisen Drogekonsumente mat geréngem Risiko keen erhéichte Risiko am Kader vun hiren normale soziale Kontakter op.

**Human Immunodefizienz-Virus (HIV)**

HIV gëtt ausschliisslech iwwer bestëmmte Kierperflëssegkeeten iwwerdroen, virun allem bei ongeschützte sexuelle Bezéiungen, duerch direkten Kontakt mat Blutt oder iwwer Mammemëllech. Am Fall vun enger méiglecher Expositioun géintiwwer dem Virus duerch en zoufällege Kontakt (zum Beispill bei engem versehentleche Stéch mat enger kontaminéierter Nol) ginn et international unerkannt Protokoller, fir de Risiko ze evaluéieren an ze bestëmmen, ob eng prophylaktesch antiretroviral Behandlung (PEP – Post-Expositiouns-Prophylax) néideg ass.

Am Géigesaz dozou gëtt HIV net duerch déi üblech Kontakter am Alldag iwwerdroen. De Virus gëtt weder iwwer Flächen nach iwwer Géigestänn oder sozial Kontakter iwerdroen, well de Virus baussent dem mënschleche Kierper net an enger ustiechender Form an der Ëmwelt iwwerliewe kann.

Ausserdeem hunn déi therapeutesch Fortschrëtter d'Dynamik vun der Iwwerdroung wesentlech verännert. Eng Persoun, déi mat HIV lieft, eng effektiv Behandlung kritt an eng net noweisbar Viruslaascht (*charge virale indétectable*) huet, iwwerdréit de Virus net iwwer sexuelle Kontakt.

**Hepatitis-C-Virus**

Den Hepatitis-C-Virus gëtt virun allem duerch de Kontakt mat infizéiertem Blutt iwwerdroen.

Och wann nogewise gouf, datt den Hepatitis-C-Virus iwwer eng méi laang Zäit an der Ëmwelt bestoe kann (e puer Wochen), besonnesch a gedréchentem Blutt, kann opgrond vum aktuelle Stand vun der Wëssenschaft festgehale ginn, datt d’Iwwerdroung ënner spezifesche Konditioune geschitt, déi en direkte Bluttkontakt viraussetzen. An deem Zesummenhang erlaben déi aktuell disponibel Donnéeën et net, kloer Situatioune vun enger Iwwerdroung z’identifizéieren, déi eleng duerch de Kontakt mat Flächen am Kader vum Alldag entstane sinn.

Dofir stellt dat einfacht Beréiere vun enger Dier, engem Diergréff oder enger Tramsstang, déi virdru vun enger Persoun mat Hepatitis C benotzt gouf, ënner normale Bedéngunge vum Alldag kee bekannte Wee vun enger Iwwerdroung duer.

Wat d'sexuell Iwwerdroung ugeet, weisen déi disponibel Donnéeën, datt dës ganz seele virkënnt a bei Feelen vu spezielle Risikofaktoren (sexuell Praktiken, déi mat engem Risiko vun enger Bluddung verbonne sinn) als rar ugesi gëtt.

Déi aktuell antiviral Behandlungen erlaben an der grousser Majoritéit vun de Fäll eng Heelung. Eng Persoun, déi eng dauerhaft virologesch Äntwert (*réponse virologique soutenue*) weist, iwwerdréit de Virus net méi.

**<u>Aner Infektiounen</u>**

Wéinst engem dacks méi fragille Gesondheetszoustand weisen Drogekonsumente mat héijem Risiko eng erhéicht Empfindlechkeet fir verschidden Infektiounen, wéi sexuell iwwerdrobar Infektiounen, Tuberkulos an aner Otmungsweeër-Infektiounen, Magen-Darm-Infektioune souwéi Hautinfektiounen.

Dës Infektioune kommen allerdéngs och an der Allgemengbevëlkerung vir a ginn iwwer déi selwecht Mechanismen iwwerdroen. Et handelt sech dofir net ëm Risiken, déi spezifesch mat der Presenz vun Drogekonsumenten am ëffentleche Raum verbonne sinn, mee ëm Situatiounen, déi op individuell Risikofaktoren zeréckzeféieren sinn.

Wat Situatiounen am Zesummenhang mat der Hygiène am ëffentleche Raum ugeet, wéi d'Urinéieren oder d'Defekéieren an der Ëffentlechkeet, ass festzehalen, datt dës vun den Awunner aus der Géigend als besonnesch problematesch empfanne kënne ginn. Allerdéngs si sou Situatiounen net spezifesch mam Drogekonsum verbonne mee sinn an éischter Linn eng Fro vun der ëffentlecher Hygiène

Och wann am Allgemenge verschidden Infektiounen ënner schlechten hygieenesche Bedéngungen iwwerdroe kënne ginn, erfuerderen esou Situatioune speziell Iwwerdroungsweeër an e ganz enke Kontakt. An der Praxis stellen si am Kader vun den üblechen Interaktiounen am Alldag kee bedeitende Risiko fir d'Allgemengbevëlkerung duer.

**<u>D'Preventioun a d'Reduktioun vun Risiken zu Lëtzebuerg</u>**

Lëtzebuerg verfüügt iwwer e kohärente Set vu Moossname fir d'Preventioun, d'Behandlung an d'Reduktioun vu Risiken, déi gréisstendeels gratis an anonym zougänglech sinn. Dës Offer gëtt iwwer d'Spideeler, de Prisongsmilieu an d'Associatiounen am Beräich vun den niddregschwellegen Déngschter ugebueden a ëmfaasst ënner anerem:

- de gratis Zougang zu antiretrovirale Behandlunge souwéi zur Prä- an Post-Expositiouns-Prophylax (**PrEP** a **PEP**) géint HIV;
- de gratis Zougang zu antivirale Behandlunge géint Hepatitis C;
- liicht accessibel Screening- an Testprogrammer;

- Konsumräim mat reduzéierte Risiken (*salles de consommation à moindre risque*);
- d'Verdeelung vu sterillem Konsummaterial;
- Substitutiounsbehandlungen fir Opioidofhängegkeet;
- den Zougang zu medezinescher Versuergung an zu sozialer Begleedung.

Dës Moossnamen droen dozou bäi, d'Risikoverhalen ze reduzéieren an domat d'Iwwerdroung vun Infektiounen ze verhënneren. Si leeschten esou e wichtege Bäitrag zum Schutz net nëmme vun de betraffene Persounen, mee och vun der gesamter Bevëlkerung.

**Fazit**

De Risiko vun enger Iwwerdroung vun infektiéise Krankheeten op d'Allgemengbevëlkerung am Kader vun den normale Kontakter am Alldag bleift extrem niddereg. Risikosituatioune stinn haaptsächlech am Zesummenhang mat spezifesche Verhalensweisen innerhalb vu begrenzte Gruppe vun Drogekonsumente mat héijem Risiko.

An dësem Kontext sinn d'Preventiounsstrategien, d'Behandlung an d'Reduktioun vu Risiken, déi vun der lëtzebuergescher Regierung ëmgesat ginn, vu wesentlecher Bedeitung. Si stellen e fundamentaalt Instrument duer, fir d'Iwwerdroung vun Infektiounen anzeschränken an d'ëffentlech Gesondheet ze schützen.

Lëtzebuerg, de 28. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN